

# Mir waren an d'VAKANZ !

E Sketsch fir 2 Perso'nen

( Zwo' Frâen kommen gleichzeitig zu be'd Seiten vun der Bühn eran a bege'nen sech an der Mött . N°2 kann zimlech original geklêt sin. Si gin sech d' Hand .)

I. ( ganz êschtlech ) O , Bonjour Madame .. Dass ên iech emol erem geseit .... A wo' war dir nömmen eso' lâng ?....

2. ( matt enger bretziger jeitziger Stömm ) Ma mir waren an d'Vakanz , Madame ..

I. An d' Vakanz .... eso' lâng ?...

2. Jo ... mei Mann sot : et get sech mol êmol eng güdd lâng Vakanz geholl ...

I. A we' sitt der da gefuer ?.

2. (wichteg ) Ma matt onsem Auto , natîrlech ...

I. Nên .. ech wollt froen , wuer wart der da gefuer ...

2. Durch Deitschland , E'streich dorower an Itaa..ljen ..

I. Dât war e sche'nen Tour ,do hutt der bestömmt vill gesin ..

2. O jo, Madame ..et war sche'n .. Mer waren e puer Deg zu Salzburg bliff ...

I. Zu Salzburg ... do war ech och schon .. dât ass jo dem Mozart seng Hêmecht ..

2. De Mozart ?.... Wié mengt der ?...

I. Ma die berühmte Musiker ... Dié musst der dach kennen ...

2. (helt sech se'er erem ) Ah jo .. de Mozart..jo gewöss , de Mozart , richteg .ech hât iech net verstân .. majo

secher , de Mozart , mei Mann kennt e besser we' ech ..

I. Hun se 'n dann net gefeiert we' der do wârt ?.

2. Mei Mann ?... We' mengt der ?

I. Ma nên de Mozart ..

2. Nên ... (bedenkt sech ) Ma dach richteg ... Lo wo' der et sôt , richteg , wo' hât ech mömme meng Gadanken ... (se'er) Richteg, mer waren dach nach selver invite'ert .. Et wor wonnerbar ... So' sché Musik, an de Mozart .. eso' e sche'ne gro'sse Mann .. matt enger Künstlermähn ...an eso' frendlech .. jo richteg, mei Mann huet nach matt em geschwât

I. Ma'm Mozart ?...(lacht hêmlech)

2. Jo , ma'm Mozart selver ...

I. Ma dât kann dach net sin ... dien ass dach scho lâng do'd ?..

2. We', de Mozart .. (bedenkt sech e beschen ) a jo richteg ..et war die jonge Mozart .. ech hu gemengt dir gengt vun dem schwätzen.. richtig , die Jonge war et ..

I.(fir sech ) t'get emmer besser ) Ech mengen dir wösst net dass de Mozart schon îang do'd ass, si feieren dach döst Joer d'200 jehregt Jubiléum ..

2. (wichteg ) Jo .. dât wês ech .. et go'w och dervu geschwât .. Me da wor et ên aus senger Familjen ... si hun sech geglach we' eng Dröps Wâsser der âner ... Et sief dann .. et war ower sche'n. me' sche'n we' zu Venedig ...

I. A dir wart och op Venedig .. dât ass ower och eng wonnerbar Stâdt ...

2. (wegwerfend ) Jo , 't ka jo sin .. ma mir hâte Pech .. we' mer duer ko'mmen war eng gro'ss Îwerschwemmung ... an du si mer gleich ennenaus op Ro'm gefuer ...

I. We' huet et iech dann do gefall .. Wonnerbar , net ?...

2. Jo, mé ech muss awer soen, di Italje'ner sin trotzdem nole'sseg Leidd.. So' e Ko'pp Ruinen ,einfach do stoen ze lossen an net opzebauen ... Gruscheleg ..eso' eppes Verfâlenes matzen an enger Stâdt ...

I.Ma dât ass dach de Forum .. an de Kolosseum ...

2. 'T ass egal we' se dât Gerempels nennen , mei Mann huet och gesot .. wât ge'fen do Bauplâtzen .... Si' missten d'Montan-Unio'n mol duer kre'en, de' ge'fen en ophellefen .. gläwt mer es, de' ge'fen e Scho'len a wié wês wât nach drop bauen ... Hir Kasematten sin och net bedeitend ...

I.Ma dât sin dach d'Katakomben ...

2.Matt hîre komplize'erte Nimm grad ewe'd' krispinisch Kapell oder we' nennen se dât scho me' , wo' do alles so' voll gemolt ass ....

I. Mengt der d'sixtinisch Kapell ..

2. Jo ..so' ass et ... Sot .. a we' lâng soll den Ustrecher do geschafft hun ...!

I. Ma dât war dach dié berühmte Künstler , de Michelangelo.dién och di prachtvoll Kuppel vun dem Pe'teschdo'm gemach huet ..

2. Jo secher ... (wichtig ) mei Mann sot mer dât och .. wesst der,mei Mann intresse'ert sech me' fir eso' Sâchen ,sei Papp war jo och Plafene'er ...

I. (fir sech ) Wat en Tuppi ... Wart der och um Campo santo ..

2. Do hu mer eng Ke'er zu Mötteg gies ..wann ech mech gudd wês z'erenneren .. 't wor ganz chic .. jo , t'wor dien Dâg we' mei Mann onbedengt de Kapitol wollt kucke goen .. ma ech sot: "duerfir hätte mer net brauche bis op Ro'm ze kommen ..dohém kanns de âl Dâg an de Kapitol goen, wanns de so' gär an den Cinema gês ..."

I. ( De' huet ower vun Tûten a Blosen keng Ahnung .. ) Wart der net op Neapel ?..

2. Dach , we' mer erem hêm gefuer sin .. Mein Mann hât eng Arbecht fir op dié Bierg do ze goen , we' hêscht e scho me'.

I. De Vesuv ... dât wär ower ganz intressant gewiescht ..

2. Mei Gott, e Bierg ass e Bierg .. so' he'ch ass en och nach net .. et hun der uewendrop kampe'ert ...

I. Dât kann dach net sin .. wo' kommt der dann duerun.?

2. Ma si hun sech bestömmt d'Metteszopp gekacht we' mir lâscht gefuer sin . et huet all zeit fame's gedämpt .. ..(bedenkt sech e beschen a fiert ganz wichteg virun ) ah lo denken ech just un eppes.. stong dann neischt an der Zeitung ... vun dem Tour , dien emgefall ass ..

I. Wo' ass dann en Tour emgefall ? ..

2. Oh .. an enger Stâdt wo' mer durchgefuer sin.. wârt emol.. (bedenkt sech ) ma zu Pisa .. richteg zu Pisa, lo hun ech et erem .. dât hätt der misst gesin (iwerdreiwt emmer me') ech soen iech .. t'war gruscheleg .. hei.. eso' hung e schon zur Seit ... ech hu mech mein Do'd gefârt e fe'l nach op ons... ech sot zu mengen Mann ..mach dech nömme se'er ewe'g dât lo ka sche' gin ... meng le'w Madame .. dié gro'sse schwe'ren Tour do .. so' hung e schon ..e wärt gleich drop gefall sin. dât get mech awer Wonner dass neischt an der Zeitung stong ..

I. Ma dién Tour ass emmer eso' .. dien ass dach weltberühmt .. dié schiefen Tour vu Pisa ..do hätt der awer onbedengt missen erausklammen ..

2. Schwätzt mer net me' dervun ... ech war fro' we' mer do eraus waren .. îwerhapt ..'t huet alles seng zwo' Seiten..mei Mann wor fro' we' en erem hei hém war .. e war zimlech mitt .. 't war alt gudd dass en di iescht Dég net so' vill Arbecht um Bureau hât du kont en sech alt e besche vun der Vakanz erhuelen ... an ech hât och neischt derge'nt ... wesst der

de Kascht war jo gudd . . me trotzdem ganz verschidden vun hei .. an dann hun di Italje'ner jo guer keng Mane'eren.

I. We' mengt der dât ?...

2. Ma si kachen hir Spagettien guer net we' mir hei ..si briechen se jo guer net ... si kachen s'einfach so' lâng we' se sin .. a: en âner kret se jo guer net zu Leif eso' .

I. Ech fannen hîre Kascht ower ganz apart . . hât der dann emmer gudd Hotellen ...

2. O jo .. dovun ôfgesin .. dât wor alles ganz fein .. wo' mer fir t'lescht waren .. zu Milano ..dât wor nach dié Chicsten... dât hätt der misste gesin ..

I. O ech wês ..t'si sche'ner do .. we' huet e gehêscht ?.

2. Ma ... wârt emol .. (iergerlech ) ma lo kommen ech jo net me' op de Numm .. We' war et scho me' ... (bedenkt sech e beschen a set an engems ass se si âner um Arem matt auszitt ganz wichteg ) : Ma .. kommt gitt matt bis hêm .. da kann ech iech et direct soen .. de Numm stêt op den Hänndicher ....

(J.St.)

----------------